



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

Luxembourg, le 12 juin 2020

Le Ministre des Classes moyennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n° 2222 du 15 mai 2020 de Monsieur le
Député Fernand Kartheiser

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question
parlementaire sous rubrique.

Pour le Ministre des Classes moyennes,

Françoise Schlink

Premier Conseiller de Gouvernement

**Äntwert vum Minister fir Tourismus op d'parlementaresch Fro n° 2222 vum 15 Mee 2020 vum
Här Deputéierten Fernand Kartheiser iwwert „Circuits auto-pédestres“**

D'Circuits Auto-pédestres sinn an den 1960er Joren entstanen a ware schonn émmer eng direkt Initiativ vum jeeweils zoustännege Ministère. Hir Zuel ass vun initiale 16 Circuits an den 1970er Jore rapid an och duerno nach reegelméisseg an d'Luucht gaange fir rezent bei bis zu 201 Stéck unzkommen.

Et goufen an der Vergaangenheet Initiative vu Gemengen, déi beim Ministère nogefrot hunn, ob och op hirem Territoire esou ee Circuit kéint opgeriicht ginn. Dat ass awer némme geschitt, wann den touristeschen Attrait et zougelooss huet respektiv wann et net schonn eventuell aner Circuits Auto-pédestres no bei gi sinn.

D'Syndicats d'initiative hunn hir egee Weeér am Land mat enger entspreechender Signalisatioun um Terrain.

Geréiert gëtt d'Planung, d'Installatioun an den Entretien vun der Beschëlderung vun dése Circuits Auto-pédestres vun der Cellule Aktivtourismus um Ministère.

Et gëtt momentan 201 Circuits Auto-pédestres, mee dës Unzuel ka wéinst Projete vun der Landesplanung oder wéinst Laangzäitchantiere variéieren.

Ugefrot ass keen, an et ass och net virgesinn an Zukunft weiderer auszebauen, well mir der Meenung sinn datt mat 201 Stéck an engem Total vu knapp énnert 2.000 km dës Offer grouss genuch ass.

Fir déi Touren, déi an der Vergaangenheet ausgeschafft an opgeriicht gi sinn, kann esou ee Projet bis zu 6 Méint daueran.

D'Beschëlderung vun allen Circuits Auto-pédestres gëtt vun deenen Entretiensekippen énnerhale mat deenen d'Tourismusdirektioun ee Kontrakt huet.

All Circuit Auto-pédestre ass op engem spezifeschem Layer am nationale Geoportail, Rubrik Tourismus, ugueluecht. Gréisser oder kleng Adaptatiounen, Spärungen an Deviatione ginn am Geoportail all Kéiers direkt gemaach, wann et um Terrain néideg war. Kaartematerial an aner Publikatiounen dozou kënnen eréischt duerch eng nei Editioun vum Guide à jour gesat ginn.

D'Accessibilitéit mam Auto war de Basisgedanke vun den Auto-pédestres. Dofir gëtt et systematesch émmer ee Parking beim Depart vun esou engem Circuit. Reegelméisseg ass an der Vergaangenheet schonn den Depart vun deem engen oder anere Circuit op eng aner Plaz verluecht ginn, well de Parking z.B. duerch Stroossebau méi kleng ginn ass oder ganz verschwonnen ass.